KLOER, NO & GERECHT

Claude Wiseler, CSV-Fraktiounspresident an nationale CSV-Spëtzekandidat

Mir entwéckelen e Plang fir Lëtzebuerg.

Fir d'Zukunft vum Land.

Mat faire Chancë fir all d'Leit, déi hei liewen.

Dëse Plang setze mer ëm. Roueg a konsequent.

- Lëtzebuerg brauch effikass Gemengen. D'Zuel vu Gemenge soll op 60 erofgoen. 2029 soll déi nei Landkaart Realitéit sinn.
- Wuelstand ouni Wuesstem, dat geet net. Mir mussen de Wuesstem leeden a begleeden. De Wuesstem muss bei d'Land passen.
- Immigratioun gehéiert zu Lëtzebuerg. Dat war esou. Dat soll esou bleiwen. Lëtzebuergesch muss dobäi Integratiounssprooch bleiwen. D'Schoul muss op si fit gemaach gi fir eng gelongen Integratioun.
- De Logement ass fir mech kee parteipolitescht Walkampfthema, awer eng politesch Prioritéit. Mir brauchen eng couragéiert Politik, déi eis erlaabt méi a méi séier ze bauen. Mir brauchen e pacte logement 2.0
- Méi Mobilitéit huet eppes mat gutt plangen ze dinn. Dofir schloe mir vir séier eng Mobilitéitsoffensiv ze starte mat konkrete Projeten, déi Wuessen a mobil si méiglech maachen.
- Klimaziler mussen och ekonomesch Sënn maachen. Dofir muss eis Ekonomie konsequent op Innovatioun a Kreeslafwirtschaft setzen. Eist Land soll eng Referenz a gréngen Technologië ginn.
- De Mëttelstand ass d'Réckgrat vun der Ekonomie. Mëttelstänneg Betriber brauchen eis Ënnerstëtzung. Mir schloen ee Plang fir de Mëttelstand an déi lokal Ekonomie fir. Dëst am Sënn vu méi Beschäftegung a méi Innovatioun.
- Lëtzebuerg huet ekonomesch eppes opzeweisen. Mir musse weider denken. Dofir wëlle mir Kreeslafwirtschaft oder déi gréng Ekonomie an d'Medezin zu neie Standbeen vun eiser zukünfteger Entwécklung maachen.

#ZesummefirdeWiessel